

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber



Lëtzebuerg, den 1. September 2020

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Educationnsminister weiderzeleeden.

Ënnert dem Titel "Covid-19 Tester fir all d'Schüler an Enseignanten: e Garant fir eng méi sécher Rentrée", goufe kierzlech d'Schüler an d'Enseignantë vum Educationnsminister dozou opgefuerdert, sech op fräiwëlleger Basis, op de Covid-19 testen ze loossen. Eng breet Teststrategie ënnert Schüler an Enseignantë soll esou zu enger "gréisstméiglecher Normalitéit" an eise Schoule féieren.

An deem Zesammenhang wollte mir der Madamm Gesondheetsministesch an dem Här Educationnsminister dës Froe stellen:

- Sinn esou Tester och am non-formale Beräich virgesinn? An eise Crèchen, dem Précoce, sou wéi dem ganze Beräich vun de SEA, kommen d'Educateurs/Educatrices an dat respektiivt Personal mat änlech ville Kanner a Kontakt wéi an der Grondschoul oder dem Lycée. Dacks kënne bäi deene kleng Kanner d'Hygiènesmesuren (d'Droe vun engem Mask, bezéiungsweis d'Sécherheetsofstänn) net agehale ginn. Denkt d'Regierung dofir och drun, d'Personal aus der non-formaler Bildung gratis a reegelméisseg testen ze loossen?

Mat déiwem Respekt,

Simone Asselborn-Bintz
Deputéiert

Francine Closser
Deputéiert



Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 2748 du 1^{er} septembre 2020 de Madame la Députée Simone Asselborn-Bintz et de Madame la Députée Francine Closener concernant la "Tests de dépistage de la Covid-19 dans l'éducation non-formelle".

Fir eng méi kontrolléiert Reprise vun den Aktivitéiten am Hierscht ze garantéieren sinn Enn August an Ufank September verschidde Gruppe vu Leit fir een Test invitéiert ginn. Dorënner ass zum Beispill de Bau-Secteur gefall, well do iwwert 60'000 Leit zesumme mat Schaffen ugefangen hunn, déi 3 Wochen am Congé oder an der Vakanz waren. Ähnlech gesäit et an der Educatioun aus, wou no iwwer 8 Woche Vakanz erëm eng 120'000 Schüler a Léierpersonal zréck an ee normalen Alldag komm sinn. Hei ass et dorëms gaangen fir e genauen Monitoring vu Gruppen ze maachen, zu engem Zäitpunkt wou et, duerch den Iwwergang vu Vakanz op Schoulbetrieb, zu engem grouse Changement komm ass. An dësem Sënn waren Crèchen an ähnlech Accueil-Strukturen net direkt betraff well déi och iwwert de Summer op waren an een Accueil vu Kanner assuréiert hunn. Donieft hunn d'Zuelen vun de leschte Méint och net ob eng méi héich Prävalenz an dëser Populatioun higewisen, a Kanner ginn jo och net als méi betraff oder méi vulnérabel ugesinn.

Am Kader vum Large Scale Testing ass all eenzelnen Awunner oder Frontalier a Gruppen agedeelt déi progressiv invitéiert ginn fir sech testen ze loossen. An deem Sënn, wäerten och d'Leit an d'Kanner aus dem non-formalen Bildungsberäich iwwert d'Zäit getest ginn.